PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/01/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Landwirtschaft weiderzeleeden.

Laut Artikel 1 vum Règlement grand-ducal vum Mee 2008 zur Deklaratioun vun Hënn muss fir all Hond, deen an d'Land kënnt, een Zertifikat vun engem Déierendokter ausgestallt ginn. Dësen enthält zum Beispill den Numm an d'Adress vum Besëtzer.

Am Arrêté vun 29.10.1918 sinn d'Präisser fir d'Prestatioune vun engem Déierendokter festgeluecht. Dësen Arrêté ass elo iwwert 100 Joer al an d'Präisser sinn nach a Lëtzebuerger Frang.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Gëtt et een uniforme Preis, deen all Déierendokter dierf fir d'Ausstelle vun esou engem Zertifikat froen?

2. Sinn aktualiséiert Präisser anzwousch festgehalen?

   Wou kënnen sech d'Leit iwwert déi aktuell Präisser, déi een Déierendokter fir seng Aarbecht dierf froen, informéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député